N°1735
Entrée le 07.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.01.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER

Chamberspresident

LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Zanter Ufank des Jores si laut dem däitschen Energieeffizienzgesetz d'Entreprisen ab enger gewësser Gréisstenuerdnung dozou verpflicht, de Volume vun der Wäermt (Abwärme), déi se produzéieren, ze mellen. Nei Rechenzentren, déi an Däitschland no Juli 2026 a Betrib ginn, si souguer dozou verpflicht, en Deel vun hirer Wäermt déi se produzéieren, weiderzeverdeelen.

Des Wäermt, déi vu Rechenzentre generéiert gëtt an am Moment dacks einfach an d'Loft geblose gëtt, representéiert e grousst Potenzial, déi een notze kann, fir ganz Gebaier ze hëtzen. Fuerscher vum Institut fir Energiewirtschaft vun der Universitéit Stuttgart behaapten, dass duerch d'Entwécklung vun der KI een dovun ausgoe muss, dass sech d'Rechenzentrumskapazitéit bis 2030 verduebele soll, wéi och d'Produktioun vu Wäermt déi se generéieren.

A Stuttgart ass den Ausbau vun esou engem Rechenzentrum virgesinn. D'Wäermt déi e generéiert soll genotzt gi, fir d'Uni ze hëtzen. Heiduerch wëll een tëschent 40 a 50% un Energie, an deemno och un $CO_2$ Ausstéiss, spueren. Do wou een Uschloss un d'Wärmenetz méiglech ass, mengen d'Fuerscher, dass verschidden däitsch Stied, eleng iwwer hir Rechenzentren, mat genuch Hëtzt kënne versuergt ginn.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

1. Ginn et aktuell Pläng oder Projeten zu Lëtzebuerg, fir Wäermt vun existente Rechenzentren ze notze fir ëffentlech oder privat Gebaier ze hëtzen?
2. Lëtzebuerg huet schonn e puer Rechenzentren a Supercomputeren a kritt der nach e puer bäi an nächster Zäit: de Meluxina HPC, de Meluxina-AI an de Meluxina-Q produzéiere vill Wäermt. Huet de Minister an dësem Kontext Kontakt mat LuxConnect? Falls de Projet vum Rechenzenter vu Google géing kommen, gëtt do och dru geduecht, déi produzéiert Wäermt ze benotzen?
3. Wéi schätzt de Minister d'Potential fir d'Notzung vu Wäermt vu Rechenzentren zu Lëtzebuerg an?

4. Plangt d'Regierung Rechenzentren hei zu Lëtzebuerg dozou ze verflichten hir generéiert Wäermt nohalteg ze notzen?"

Mat déiwem Respekt,

| Corinne CAHEN | Luc EMERING |
| --- | --- |
| Deputéiert | Deputéierten |